# Fête nationale 2023

## Cérémonie officielle à la Philharmonie Luxembourg

## Cérémonie de remise de distinctions honorifiques

Mir éieren elo Leit, déi an hirem Liewe Besonnesches geleescht hunn, déi sech an den Déngscht vun anere Mënschen, vun der Allgemengheet, der Gesellschaft a vun eisem Land gestallt hunn an dat och oft iwwert eis Grenzen eraus.

---

**Monsieur Georges Christen, homme fort du bénévolat**
**Officier Ordre de la Couronne de Chêne**

Den Ufank mécht den Här Georges Christen, deen eis als alleguerten als staarke Mann bekannt ass. 1982 mat nëmmen 19 Joer hutt Dir den éischte Weltrekord vun insgesamt 26 Rekorder realiséiert. Zënter deem sidd Dir hei am Land an wäit iwwert d'Grenzen ënnerwee fir äre Publik ze begeeschteren.
Wat villen vun eis manner present ass, ass ären Engagement am Bénévolat iwwert ganz vill Joeren a virun allem bei der Caritas. Viru 16 Joer grënnt Dir fir Leit a schwieregen Liewenssituatiounen e gratis Muskulatiouns- a Sport-Programm. Ronn honnert Leit hunn all Joer beim Programm "Rebuilding" matgemaach an esou duerch de Sport en neit Liewensgefill kënnen entwéckelen. D'Participanten fannen awer och duerch de Sport d'Energie an de Courage fir Problemer am Alldag nach besser unzegoen an esou an der Gesellschaft Fouss ze faassen. D'Solidaritéit an d'Vertrauen an hir Ëmwelt sinn aner wichteg Wäerter déi dir den Participanten weider vermëttelt.

Är Initiativ hat esou e grousse Succès dass viru 7 Joer eng weider Professionalisatioun onëmgänglech war. Elo wou Dir an der Pensioun sidd an Är Successioun garantéiert ass, bleift Dir awer als Fräiwëllegen e wichtegen Appui am Alldag vu "Rebuilding" bei der Caritas.

Här Georges Christen, fir Ären Engagement am Bénévolat zeechent de Grand-Duc Iech mam Officier am Ordre de la Couronne de Chêne aus.

---

**Monsieur Leandro Barreiro Martins, footballeur professionnel**
**Chevalier Couronne de chêne**

Elo bieden ech mat dem Här Leandro Barreiro Martins eng Persoun op d'Bühn, déi nach ganz am Ufank vun hirer Carrière steet an awer schonns e wonnerbaren Ambassadeur fir eis Land an de Sport ass. Et ass ëmmer besonnesch flott wenn déi ganz Jonk ënnert eis opgrond vun hiren Valeuren an hirem Engagement zu engem Virbild ginn.

Sportlech hutt Dir ganz vill erreecht duerch Äre Sérieux, Ären Asatz an natierlech mat vill Talent. Net nëmmen an Ärem Club, mee och an der Nationaléquipe sidd esou ganz schnell zou enger absoluter Identifikatiouns-Perséinlechkeet gewuess. Als sympatheschen, ëmmer fairen, poséierten a reflektéierten Sportler sidd Dir ganz séier a ganz natierlech zu engem privilegiéierten Partner vun der nationaler an internationaler Press ginn.

Wat Iech, wéi gesot, awer besonnesch auszeechent ass Är Virbildfonktioun, déi Dir fir déi Jonk an eis Alleguerten hutt. Et ass e groussen Deel vun Ärer Perséinlechkeet an Ärem Engagement fir d'Erfarongen un déi jonk Athleten a jonk Leit weiderzeginn, virun allem och a méi schwierege Situatiounen. Dir weist eis datt et méiglech ass mat vill Asatz, Begeeschterung a Fairness seng Ziler ze erreechen.

Mir wënschen Iech weiderhin eng erfollegräich Carrière. Haut soe mir Iech  Merci fir den Parcours vun de leschte Joeren, an deenen Dir eis Wäerter virgelieft hutt déi eng Gesellschaft méi liewenswäert maachen an däitlech no virbréngen.

De Grand-Duc zeechent den Häer Leandro Barreiro Martins elo als Chevalier am Uerde vun der Couronne de Chêne aus.

---

**Madame Christiane Kremer, journaliste, autrice**
**Officier Ordre de la Couronne de Chêne**

Ech géif dann d'Madame Christiane Kremer op d'Bün bieden, eng Fra, déi eis Kulturszene iwwert déi lescht 4 Jorzéngten mat geprägt huet.

D'Madame Kremer ass villen vun eis bekannt als Kulturjournalistin, sief et op der Télévisioun, dem Radio oder dem Internet. D'Kultur an d'Konscht brauch engagéiert Journalistinnen an Journalisten wéi Iech fir e breeden Publik ze informéieren a virun allem och ze begeeschteren. D'Konscht-Kritik ass fundamental fir d'Kultur no vir ze bréngen an hir Inhalter ze vermëttelen. Dëse Role huet d'Madame Kremer zënter 1985 mat Brio erfëllt, an och an den éischten Méint vun Ärer Pensioun bleift dir weiderhin eng regelméisseg Ambassadrice vun der Kultur hei zou Lëtzebuerg an doriwwer eraus.

D'Madame Kremer war awer och sëlwer aktiv, sief dat am Theater oder am Kabarett. Och als Schrëftstellerin hutt Dir net nëmmen sëlwer geschriwwen, mee iwwersat a publizéiert. Ären Engagement fir eng oppen an tolerant Gesellschaft war eng grouss Motivatioun vun Ärer Aarbecht. Bicher a Publikatiounen fir Kanner sinn och ëmmer ganz zentral an Ärem Wierk gewiescht.

---

De Grand-Duc iwwerreecht der Madame Christiane Kremer den Officier am Ordre de la Couronne de Chêne.

---

**Monsieur René Elvinger, entrepreneur**
**Commandeur dans l'Ordre de la Couronne de chêne**

Elo bieden ech den Här René Elvinger op d'Bün, den 1976 als éischten Employé bei der heiteger Entreprise CEBI ugefangen huet. Eng Entreprise déi sech virun allem als héich spezialiséierten Fournisseur vun der Autosindustrie auszeechent. Iwwert 700 Leit sinn haut zou Stesel beschäftegt an iwwert 3.000 Mataarbechter an Mataarbechterinnen op 12 Produktiounsstanduerter weltwäit.

Ganz jonk hutt Dir och d'Direktioun vun der Firma zou Lëtzebuerg iwwerholl an iwwert 30 Joer kontinuéierlech ausgebaut. Net gezéckt huet den Här Elvinger am Joer 2011 fir de komplette CEBI Grupp ze iwwerhuelen an zënter dem ginn all Décisiounen hei am Land geholl.

Am Mäerz dëst Joer hutt Dir iech aus dem operative Geschäft zeréckgezunn, bleift awer weiderhin eng ganz wichteg Stäip vun Ärem Betrib.

Ervir ze hiewen bleift awer och Ären Engagement am Bénévolat a virun allem fir déi eeler Generatiounen. Als Grënnungs-Member vum Pfleegeheem Elysis virun iwwert 20 Joer engagéiert Dir Iech haut nach als Member vum Verwaltungsrot an Trésorier.

Fir Ären Engagement iwwer bal 5 Jorzéngten fir d'Lëtzebuerger Industrie iwwerreecht de Grand-Duc dem Här René Elvinger de Commandeur an der Couronne de chêne.

---

**Madame Monique Mille, engagée dans le bénévolat**
**Commandeur dans l'Ordre de la Couronne de chêne**

Ech bieden elo d'Madame Monique Mille op d'Bühn, eng Plaz déi si duerch hier laangjähreg Aktivitéit am Theater a Cabaret gutt kennt.

Säit zwee Joerzéngten engagéiert dir Iech mat ärem Comité am Benevolat vun der Amicale vum CIPA Houwald.

Grad wéi um Houwald ginn et Amicalen a ganz villen aneren Altersheemer. Vill Freiwëlleger engagéieren sech esou am ganze Land fir d'Wuel vun de Pensionären, an dat ëmmer Hand an Hand mam Personal.

Dir organiséiert Ausflich a Sortie an d'Octave, op d'Fouer, mam Schëff op der Mousel, feiert Gebuertsdeeg, Mammen- a Pappendag, Summerfest, Kaffisstuff a villes méi. All déi Aktivitéiten bereeden deene Leit vill Freed an Ofwiesselung. Duerch alldeeglech Präsenz, Gespréicher an

Trouscht sinn d'Amicalen eng zousätzlech Stäip zou der professioneller an opmierksamer Hëllef vum Personal.

Är Recetten aus Donen vun de Familien, Manifestatiounen, Memberskaarten erlaben iech et bei wichtegen Uschafungen fir d'Haus mat ze hëllefen.

Mir soen dofir haut alle Volontaire Merci  déi sech an hirer Fräizäit an den Altersheemer fir d'Bewunner asetzen. Et ass en Engagement fir eng Gesellschaft wou kee vergiess gëtt, wou jiddereen seng Plaz huet an ee fir deen aneren do ass.

Stellvertriedend fir all d'Volontairen iwwerreecht de Grand-Duc der Madame Monique Mille de Commandeur an der Couronne de Chêne.

---

**Monsieur Kelvin Josue Alvarado Oliva, Médaille d'honneur pour acte de courage et de dévouement en vermeil**

Als nächst éiere mir den Här Kelvin Josue Alvarado Oliva – e Matbierger deen fir säin aussergewéinlechen Zivilcourage ausgezeechent gëtt a net gezéckt huet sech selwer a Gefor ze bréngen fir engem anere Mënsch a Liewensgefor ze assistéieren.

Dir hutt am November 2022 net gezéckt wéi Dir als Éischten op de Lieu vun engem schwéieren Accident komm sidd. Ouni déi geréngsten Schutzausrüstung hutt Dir eng Persoun aus engem brennenden Auto befreie kënnen. Dir selwer hutt Iech dobäi schwéier verbrannt an hutt missten speider am Spidol behandelt ginn.

Duerch Ären Zivilcourage sidd dir fir eis alleguerte e Virbild. An eiser Gesellschaft ass et wichteg datt een dem aneren hëlleft. Dir sidd dobäi souguer grouss perséinlech Risken agaangen.

De Grand-Duc iwwerreecht dem Här Alvarado Oliva d'Médaille d'honneur pour acte de courage et de dévouement en vermeil.

---